



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Duerch déi nei Hausse vun de Covid-19-Neiinfektione ginn och d'Gemengen ëmmer méi an hirem Fonctionnement beanträchtegt, entweder, well d'Gemengepersonal oder politesch Verrieder positiv op de Covid-19 getest ginn oder, well si präventiv a Quarantän mussen goen. An der Gemeng Réimech, zum Beispill, gouf virun e puer Wochen ee Gemengerot ofgesot, well 2 Persounen am Gemengenhaas positiv op de Coronavirus getest goufen. Dës Weideren, gouf d'Gemengenhaas fir eng Zäit zougemaach.

Wann de Gemengeservice muss zoumaachen, si vill Biergerinnen a Bierger an der jeeweileger Gemeng betraff, well si hier Demarchen net kënnen maachen. Och verschidden Decisiounen, déi eng Gemeng nëmmen duerch de Vott vum Gemengerot huele kann, ginn op onbestëmten Zäit ausgesetzt, wann dorobber gewaart gëtt, dass de Gemengerot physisch kann zesummekommen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt aktuell séchergestallt, dass d'Gemengen all hier Servicer weider kënnen ubidden, och wann se Covid-bedéngt hier Diere muss zoumaachen?
2. Wat d'Gemengerotssëtzunge betrëfft, wär et net endlech un der Zäit, dass d'Schäfferéit de Gemengeconseillere de gesamten Ordre du Jour am legalen Delai vu 5 Deeg an digitaler Form (zum Beispill iwwer de SIGI-Drive) zoukomme loosse an och Gebrauch maache vun der Videokonferenz déi duerch d'ofgeännert Gesetz vum 24te Juni 2020, erlaabt gouf? Ass d'Ministesch der Meenung, dass méi Gemengen op den digitale Wee misse goen?
3. Aktuell ass et nach Usus, dass d'Deliberatiounen am Gemengerot ënnert Papeierform ronderëm gereecht a vun de Gemengeconseillere ënnerschrifwe ginn, wat d'Infektionsgefor duerch de Kontakt tëschent de Persounen erhéicht. Ass et der Ministesch no méiglech, dass d'ënnerschriften aktuell scho kéinten digital op d'Dokumente opgedroe ginn (no den eIDAS-Krittären), wann ee Gemengerot iwwer



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

Videokonferenz stattfënnt?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc  
Député

